Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Oktober 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Falls een zu Lëtzebuerg en Duplikat vun der groer Kaart muss ufroen, ass fir dee Verwaltungsvirgang op Basis vum "Règlement grand-ducal du 12 novembre 1981 ayant pour objet la fixation et la perceptiondes taxes sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules" an dem "Règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers" (an der modifizéiert Versioun) eng Tax vu 50 Euro virgesinn. Den zweet genannten Text gesäit am Artikel 13 eng Ausnam vir, fir de Fall, datt den Auto geklaut an dëst uerdnungsgeméiss bei der Police respektiv den zoustännegen auslänneschen Autoritéite gemellt gouf.

Et kënnt awer och ëmmer rëm vir, datt Autoe spontan a Brand geroden an esou wéi den Tëschefall am Parkhaus Rousegäertchen 2019 et gewisen huet, dobäi wouméiglech och aner Gefierer mat zerstéieren. Wann een dovun ausgeet, datt d'Pabeieren esou wéi et virgeschriwwen ass, am Auto mat sech gefouert ginn, verbrennen dës och mat. Esou wéi et mir zougedroe gouf, mussen déi betraffe Proprietäre fir d'Ofmeldung vum Auto dann awer fir d'éischt eng Kopie vun der groer Kaart ufroen, déi och zum Paiement vun där uewe genannter Tax féiert, well fir dee Fall keng entspriechend Ausnam virgesinn ass. Weider kann dës Situatioun (Zerstéierung vum Auto mat de Pabeieren) ausserdeem bei kuerzfristegen Naturkatastrophen, wéi zum Beispill Iwwerschwemmungen optrieden.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister dës Situatioun bestätegen? Falls jo, kéint si sech virstellen, d'Zerstéierung vum Auto als zousätzlech Ausnam fir déi uewe genannten Tax an eis entspriechend legal Texter opzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten